# Déi ëischt Affer vun der Veruerdnung iwert Zwangsrekrutéierung.

Fouersonndeg, den 30ten August 1942.- Iwwerdeem d'Leit sech op der Schueberfouer ameséiert hun, war an der Lampertsbierger Ausstellungshal de "Generalappell der Volksdeutschen Bewegung".
9.000 sollen et der gewiescht sin, där richteger an där "Lützelburger" Preisen, déi do dem "Landesleiter der VdB (Professor Damion Kratzenberg)" an dem Gauleiter Gustav Simon hirem Geschwadronéiers an hiren Déclaratioune nogelauschtert a frenetesch zougejubelt hun.
Déi zwée nofolgend Sätz aus enger Veruerdnung an enger Unuerdnung vum Gauleiter Gustav Simon soën ëm wat et dee Sonndegnomëtteg do gong.

Verordnung über die Wehrpflicht in Luxemburg vom 30 ten August 1942

§ 1 Für diejenigen deutschen Volksangehörigen in Luxemburg, die den durch besondere Anordnung festzulegenden Jahrgängen angehören, wird die Wehrpflicht in der deutschen Wehrmacht eingeführt.

Anordnung über die wehrpflichtigen Jahrgänge in Luxemburg vom 30 ten August 1942

I Der Wehrpflicht unterliegen die Angehörigen der Geburtsjahrgänge 1920 bis 1924.

Et gong also ëm d'Aféierong vun der Zwangsrekrutéierung. E schrecklecht Wuert fir eng nach méi schrecklech Saach.

Et war dat ee nët fir méiglech gehalene Broch vum Völkerrecht.

Nach deeselwechten Owend war d'ganzt Land am Schreck, a Verzweiwelong an an der Revolt. "Eis Jonge mussen an d'preisesch Wehrmacht !" - huet een deem anere gesot. Et war nët ze gleewen. An dach war e grousst Ongléck iwwer eist Land a séng Leit eragebrach. Déi preisesch Tyrannei war an hirer Apotheos, a mir arme Lëtzebuerger si bal geplatzt vu Roserei Äis as de Verstand bal stoë bliwwen, wéi mer deem nidderträchtegen Hond vu Gauleiter séng Wierder gelies hun :"...... die Deutschen Lützelburger werden ihren Mann gestanden haben und die Jugend des Landes wird Soldat des grossen Feldherrn Adolf Hitler gewesen sein."

An engem Kreesch hat de Lompekréimer gejaut: "Der de facto Anschluss an Deutschland ist endgültig !"
T'voll "Reichsbürgerschaft" sollten déi "Verdienten und Wehrdienstleistenden" kréien. Domadde war alles iwwertraff, wat d'Lëtzebuerger bis dohin ënner de Preisen ze leiden haten.
An dat war nët wéineg gewiescht !

Dee Fouersonndeg vu 1942 hällt äis gefaangen bis op den heitegen Dag an esou lang wéi mir liewen. Wat no deem 30ten August 1942 geschouch, war esou grujhlech, datt all deenen, déi betraff waren a bis haut iwwerliewt hun, d'Hoër zu Bierg stin beim blouse Gedanken drun.

Wéi en eenzege, grousse Protestkreesch, war den Dag drop, den 31ten August 1942 de Streik ausgebrach. Prompt hat de Gauleiter réagéiert an den zivilen Ausnahmezoustand fir de Beräich vun der Stad Esch, gläich drop fir d'ganzt Land verhaangen an e Standgeriicht agesat. D'Streikactioun gouf vun de Preisen am Blutt erstéckt. Bluttrout Plakaten hun den 2ten September 1942 ungekënnegt, datt de Michel Worré, geb. 22.4.1893 an de Nicolas Müller, geb. 7.12.1893, alle béid vu Wolz, muerges um 4.30 Auer erschoss gi waren.

Eng ähnlech Plakat kënnegt den 3. September un, datt deeselwechte Muergen um 4.30 Auer 9 weider gutt Lëtzebuerger erschoss gi waren. Et waren dat: Konz Nicolas, Lëtzebuerg, geb. 27.1.1914; Meiers Charles, Wolz, geb. 20.8.1896; Ewen Joseph, Wolz, geb. 1.10.1900; Brück Alfred, Wolz, geb. 28.11.1896; Lommel Célestin, Wolz, geb. ~~23.12.1920~~ 18.10.1890; Weets Alphonse, Déifferdang, geb. 10.4.1889; Schneider Jean-Pierre, Déifferdang, geb. 14.1.1909 ; Toussaint Ernest, Déifferdang, geb. 6.3.1908 a Betz Nicolas, Kaler, geb. 2.2.1914.

Den Dag drop waren um 6 Auer ~~waren~~ erschoss gin: Zeimes Léon, Itzeg, geb. 24.2.1916; Mischo Robert, Déifferdang, geb. 29.12.1920; Angelsberg René, Déifferdang, geb. 15.7.1923 a Schroeder Jean, Lëtzebuerg, geb. 1.4.1914. De 5. September 1942 huet dann nach emol e rout Plakat ugekënnegt, datt muerges um 6 Auer erschoss gi waren: Dax Michel, Ettelbréck, geb. 15.8.1920; Schmit Alphonse, Iechternach, geb. 23.9.1908; Thull Jean, Ettelbréck, geb. 28.1. 1919 an Heiderscheid Emile, Dikrech, geb. 19.9.1919.

De 9. September 1942 goufen dann nach de Biren Eugéne, Schëffléng, geb. 6.4.1919 erschoss an den 11. September 1942 den Adam Henri, Schëffléng, geb. 23.2.1894 zu Köln/Klingelpütz gekäppt. Den 8. September 1942 hun d'Preisen den zivilen Ausnahmezoustand fir Dikrech a Gréivemaacher opgehuewen, an den 10. September 1942 fir Lëtzebuerg an Esch.

21 Männer haten d'Naziën kalbliddeg ëmbruecht; 48 anerer haten se um Standgeriicht ofgeuertelt. Déi hate se a Prisongen an a Kazetter verschleeft. Ma och, a ganz besonnesch an de Schoule war gestreikt gin. Aus dem Lycée vun Iechternach waren 89 an aus dem Lycée vun Esch 94 Stodenten 101 deeglaang no Stahleck verschleeft gin. 4 Stodentinnen aus dem Iechternache Lycée, 60 aus dem Escher Lycée goufen no Adenau déportéiert a weider 43 Meedercher aus der Walfer Normalschoul waren zu Marienthal (D) agespuart. Ronn 60 Léierbouwe vun der Schmelz soutzen an engem Lager zu Ruwer bei Tréier. All ware se onwahrscheinlech schikanéiert a mësshandelt gin.

Den 12. Dezember 1942 haten d'Preisen d'Meedercher an d'Jongen nees z'réck no Lëtzebuerg bruecht, ausser deene vun hinnen, déi de Joërgäng 1920 bis 1924 ugehéiert hun. Si goufe "gemustert" an direkt an den RAD resp. an d'Wehrmacht verschleeft. Si hate nach nët emol mé d'Geléenheet kritt, fir heem bei hir Elteren a Gesëschter ze goën.

D'Streickactioun war eriwwer. Vill Tréinen a Blutt ware gefloss. Mä déi gréissten Tragédie stong dem Land a sengen Awunner nach beviir. De 17. September 1942 as zu Hollerech an der Gare, vun der Gestapo strengstens bewuecht, den éischten Zuch fortgefuer, deen 21 Lëtzebuerger Familjen no Leubus a Schlesien gefuer huet, an den 18. Oktober 1942 sin déi éischt 2 000 Jongen an d'preisesch Kasären an uschléissend vun de Naziën un hir onendlech Fronten am Oste verschleeft gin. An domadden hat dee grujhleche Calvaire vun de Lëtzebuerger Jongen ugefaangen.

**All dat geschouch virun elo 50 Joër!**